ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. November 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an d'Madame Familljeminister weiderzeleeden.

An der Géigend vum ëmgebaute Logopedie-Zentrum zu Stroossen, wou haut männlech Migranten opgeholl ginn, si vill Leit opgereegt a besuergt.

Ënnert deene Saachen, déi eis matgedeelt goufen, wëlle mir déi folgend zitéieren:

- et ginn heefeg Asätz vun der Police an deem Zentrum;
- vill Fraen an der Ëmgéigend vum Zentrum traue sech net méi virun d'Dier;
- et besti schlecht hygienesch Zoustänn ronderëm den Zentrum;
- verschidde Migrante komme moies heemlech an d'Struktur zeréck, fir dann ze maachen, wéi wa si iwwert d'Nuecht do gewiescht wieren;
- d'Gäertner schneiden d'Heck net méi, well Sprëtzen an den Hecke leien;
- reegelméisseg muss d'Police do och no Droge sichen, dëst och mat Hëllef vun Hënn.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wéi ass d'Sécherheetssituatioun am a ronderëm de *Centre de Logopédie* zu Stroossen? Wéi vill Asätz hat d'Police vun 2017 bis 2019 op där Plaz? Wat waren d'Grënn fir dës Asätz?

2. Hunn Awunner aus där Ëmgéigend oder Leit, déi sech aus verschiddene Grënn do ophale kënnen, schonn emol d'Police kontaktéiert, fir op Mëssstänn oder Problemer am oder ronderëm de Logopedie-Zentrum hinzeweisen?

3. Wéi dacks gouf an deene leschte Joren op där Plaz no Droge gesicht a mat wéi engem Resultat? Sinn am oder ronderëm den Zentrum Drogen an/oder Sprëtze fonnt ginn?

4. Wéi ass den hygieneschen Zoustand am a ronderëm de Logopedie-Zentrum?

5. Wéi sinn d'Virschrëfte wat d'Präsenz vun de Migranten an deem Zentrum ugeet a wéi ginn déi kontrolléiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742